N°4530
Luxembourg, le 24.07.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.07.2026
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Verschidde Leit hu mir gemellt, dass et bei POST Finance beim Service EBOO zu Problemer bei Konten a Paiementer komm ass. Betraff wieren notamment feelend oder net korrekt ugewisen Zommen um Kont, Iwwerweisungen, déi net ausgefouert ginn, feelend Kontoauszich. Dozou kommen dann nach laang Waardezäite beim Clientsservice.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass et zu Problemer bei POST Finance, respektiv EBOO, op Kontostänn, Kontoauszich oder Iwwerweisunge komm ass?
    - Falls jo, wéi vill Reklamatioune goufen an deem Zesummenhang registréiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten